N°8217
Entrée le 08.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.08.2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, de 8. August 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„De Klimawandel féiert dozou, datt d'Vegetatiounsperioden sech queesch duerch Europa verlängert hunn.

Verschidde Kulturen oder Feldfriichte kréien et méi schwéier, fir gutt iwwer de Summer ze kommen, well et ze laang Drécheperiode gëtt. Dëst Joer sinn d'Käre an eenzelen Deeler vum Land scho fréi erageholl ginn (Mëtt Juli), wärend op anere Plaze wéinst deem ville Reen vun Enn Juli bis Ufank August huet misse gewaart ginn.

An deem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Vegetatiounsperiod hei am Land am Verglach mat aneren europäesche Regioune verännert?

2. Wéi gesäit aus der Siicht vum Landwirtschaftsministère eng dem Klima ugepasste Landwirtschaft aus? Gëtt et do scho konkret Perspektiven a Konzepter, déi eise Baueren ënnerbreet gi sinn oder ginn, fir hir Betriber op weider Erausfuerderunge virzebereeden?

3. A wéi engem Mooss wäert sech d'Versuergung mat Fudder veränneren? Wäert do ënner anerem och verstäerkt op Kléigraszorte gesat ginn, déi ganzjäreg wuessen a méi déif wuerzelen, sou datt se dréche Periode besser iwwerstinn?"

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten